Léiw Elteren, Komerôdinnen a Komerôden

Den Opdrâg vun onser Federatioun war an ass d'Interesse an déi gerecht Fuederongen vun den Affer aus der Zwangsanzéihong ze verdédegen an durchzesetzen. Bis elo hun d'Memberen aus de federéierten Zentralkomitéen sech onégenetzeg, voll a ganz an desem Sënn agesât;

Munnech Fuederongen guoven réaliséiert an dir Elteren wéi och mir Enrôlés soen all dénen merci, déi dozou beigedroen hun; Et bleiwen awer nach verschidden ganz wichteg Problemer ongeléist;

Dât ass virun allem d'Diskriminatioun vun ons am letzeburger Krichsschiedegesetz mat hiren moraleschen an materiellen Konsequenzen. Et ass weider d'Suerg öm ons stârk ugeschloen Gesondhét.

Ons Elteren an mir Enrôlés de force sin iwerzégt, datt mir am leschte Weltkrich ons Pflicht visavis vun der Hémescht voll a ganz erföllt hun. Duefir fuerdere mir, dat och mir als victimes patriotiques unerkannt gin an ons déiselwecht Entschiedegongen zoustinn.

Als Zwangsrekrutéiert stelle mir dës Fuerderong un onse Staat an nömmen ons Regierung kann dës Fuerderong réaliséieren. Als letzebuerger Bierger verlânge mir awer och vun onser Regierong, datt déi durch d'Zwangsanzéihong entstâne Käschten (créance) vun Deitschland eragedriwen ginn. Deitschland muss, wéi ett der Wourecht entsprecht, d'Zwangsanzéihong vun letzeburger Kanner als e gemengt Naziverbriechen unerkennen an entspriechend entschiedegen.

Des Fuerderong, vun onsem Aussenminister zou Bonn virgedroen, léhnt déi jetzeg déitsch Regierong formell ôf. Duefir bleiwt ons Letzeburger keng âner Wiehl, wéi mat aller force géint déi offiziell Staatsvisit vum Bundespresident Heinemann ze protestéieren. Et ass eng Erausfuerderong un all echte Letzeburger wann de Vertrieder vun engem Land, dém seng Regierong de Muerd un Dausenden vun letzeburger Jongen a Médercher als kén Kriehsverbriechen duerstellt, offiziell a pompôs empfânge gött. Ass et kén Sakrilég, wann e Staatsvertrieder sech bei onsem Monument National verneigt, dém seng Regierong d'Affer fun all dénen Onglécklechen, déi hei geéiert ginn, als eng zwar bedauerlech mä einfach Krichshandlong (fait de guerre) betruecht, iwer déi d'Verträg vun London a Paréis statuéieren?

Dén hei ernimmten, kloere Standpunkt huet ons Délégatioun an der leschter Entrevue den Hären Staatsminister Werner an Aussenminister Thorn duergeluegt. Dobei sin déi géigensetzlech Opfâssongen hârt openén geprallt, an den Här Staatsminister (Werner) huet behâpt, selwer vill Enrôlés ze kennen, déi net mam Standpunkt vun onser Fédératioun averstâne wieren. Duerfir weigert hien sech och eng materiell Gleichstellong mat de Victimes patriotiques virzehuelen.

Dest bedeit eng weider Erausfuerderong!

Et ass also elo net méih un de Comitésmemberen aleng fir d'cause vun den Enrôlés de force, hîren onglecklechen Komerôden an hîren Elteren ze verdédegen. Jidder enzelne Member muss elo Beweisen:

op hien d'Discriminatioun am Gesetz iwer den dommage de guerre unhöllt,

op hien op d'Entschiedegong vun senge Verloschter verzischt,

op hien e gerecht Gesetz iwer eng fréihzéiteg Pensionéierong verlangt

Léiw Elteren, Komerôdinnen a Komerôden,

Den 27. an 28. November 1973 bei der Staatsvisit vum Bundesprésident Heinemann gölt et ze beweisen:

op dir hannert de Fuerderongen vun ärer Fédératioun stitt

op dir vun onser Regierong verlângt, datt se endlech an définitiv déi lèscht Problèmer vun der Krichsgeneratioun léist,

op mir onsem preiseschen Nôper seng erausfuerdernd Haltong unhuelen

Et könnt den 27. an 28. November op jidder Enzelnen un. Keng Ausried fir net do ze sin kann göllen. Wien net do ass, stellt sech op d'Séit vun onse Géigner a begrieft domadden endgülteg d'Aussichten op eng gerecht Léisong vun onse Fuerderongen.

Den 27. an 28. November fâlen d'Wierfelen. Définitif!Lôst iech net bluffen! Wéder duerch wirtschaftlich nach âner Iwerléongen, ierféieren.

Bis elo hun ech zesummen matt äre Komerôden aus de Comitéen all eis Krâft an den Dengscht vun onser gemeinsamer Sâch gestallt. Elo ass ett u jidder Enzelnen ze beweisen op mir weiderhin op onse Fuerderongen bestinn oder op mir opginn.

Wann ech un déi batter Zéit zreckdenken, un är Kanner, Männer an ons Komerôden, déi net méi hémkomm oder elo schon fréihzeitech gestuerwen sin, un ons Krank a Kröppelen, un all déi gutt Letzebuerger, déi alles op Spill gesât hun fir dem Preiss d' Stir ze bidden, da kann ech mir net virstellen, datt de 27. an 28. November zou Letzebuerg bei onser Protestaktion én énzege félt.

Fédération
des Victimes du Nazisme
Enrôlées de Force
Luxembourg.

Letzebuurg, den 3 Nov. 1973.

Léiw Letzebuurger !

Am Zesummenhang mat der Staatsvisite vum däitsche Bundespresident, dem Här HEINEMANN, organiséieren d'Letzebuurger Zwangsrekrutéiert öffentlech Opklärungsversammlungen enner dem Titel:

F i r w â t  s i n  d'E n r ô l é s  d e  F o r c e
géingt d' S t a a t s v i s i t e
v u m
Här H E I N E M A N N ?

Zu dese Konferenzen invitéiere mir net nemmen d'Enrôlés, mais och all aner Letzeburger Bierger a besonnesch eise Jonktem.

De Problém vun der Zwangsanzéihung ass jo net nuren dén vun den Enrôlés alleng, mais unerkannter Weis och en nationale Problém a muss dofir jidder jetzegen an zoukünftegen Steirzueler interesséieren.

Och Leit. déi anerer Ménong sin wéi d'Enrôlés, sin hèrzlech invitéiert.

Fräi Diskussioun ass erwönscht.

D'Versammlung fënt statt e Freideg, den 9 November 1973
um 20 Auer 30 zu B E T E B U U R G
am Café Al. FABER, Peppenger Strôss, Nr. 24.

Mir bieden Iech dest Schreiwes un Net-Memberen weiderzeréchen.

Den Nationalpresident,

Jos. Weirich

Fédération des V.N.E.F.
B. p. 2415
Luxembourg

8 novembre 1973.

Monsieur le Bourgmestre
de la Commune de Remich
Hôtel de Ville
REMICH

Monsieur,

Par la présente nous vous confirmons l'entretien téléphonique en date du 5 novembre dernier de notre membre Bernard Jacob avec vous au sujet de la mise à disposition de la salle des fêtes de votre Hôtel de Ville pour dimanche le 18 novembre 1973 à 20 hres 30.

Nous vous prions d'excuser le retard de la présente lettre, étant donné que votre interlocuteur fut hospitalisé le jour après par suite d'un infarctus cardiaque.

Tout en vous remerciant de votre aimable prévenance, vous nous obligeriez en nous faisant le plaisir d'assister avec vos échevins et conseillers communaux à l'assemblée d'information de notre organisation au sujet du brûlant problème national qui, hélas! plus de trente ans après les événements qui sont à son origine, préoccupe les incorporés de force luxembourgeois, et ceci plus particulièrement à la veille de la visite d'Etat du président de la République Fédérale d'Allemagne au Grand-Duché de Luxembourg.

Veuillez agréer, cher Monsieur, l'expression de nos sentiments distingués.

p. le Comité,

J. Hames

Fédération
des Victimes du Nazisme
Enrôlés de Force
Luxembourg

Letzebuurg, den 3. November 1973.

Léiw Letzebuurger!

D'zwangsrekrutéiert Médercher an Jongen kennen Iech als Leit, déi am Krich berét waren hirt Liewen op d'Spill ze setzen, fir hinnen ze höllefen. Dir wollt verhönneren, dass d'Letzebuurger Jugend un de Fronten verbludde sollt. Dir hut muenches duurchgemât a vill Affer fräiwölleg op Iech geholl. Dir hut de Preisen d'Stiir gebudden an munnech jongt letzebuurgescht Liewen erhâlen.

Haut soll dât net nemmen vergiess, mais och net méi wouer sin!!!

Dir sidd och bestömmt elo nach iwerzégt, dat Zwangsanzéihong vun de Letzebuurger Médercher a Jongen en <u>ongeheierlecht Naziverbriechen</u> war, an dat esouwuel ons Regierung op des Unerkennung bestoe muss, wéi och däitschersäits des Tâtsâch net gelégnet dierft gin.

Mais haut därf déi däitsch Regierong <u>ongenéiert</u> déclaréieren:

<u>D' Z w a n g s a n z é i h o n g  v u n  d e  L e t z e b u u r g e r  K a n n e r  w a r  k é n  N a z i v e r b r i e c h e n</u>, fir sech domadden lanscht déi Reparatiounen ze drécken, déi Letzebuurg zoustin. Mam offizielle Besuch zu Letzebuurg vum 27. bis 29. November 1973 vum Bundespresident HEINEMANN, dén mir perséinlech respektéieren, gött des Haltung vun senger Regierong confirméiert.

Mir Enrôlés de Force können dese Schlaag an d'Gesiicht vun alle gudden Letzebuurger net ouni Protest hinhuëlen. Dofir bieden mir Iech ons Aktioun ze ennerstötzen, fir dat d'Wourecht net maz Féiss getruede get. Beweist Er Positioun a Solidaritéit mat "onse Médercher a Jongen" aus dem Krich an setzt Eren Numm, (wann et net schon geschidd ass) bei déi Honnerten vun âneren op ons Protestlöscht.

Net op de Geldbedrâg könnt et un, mais op d'Zuel vun den Ennerschröften, fir domadd onser Regierong an och de Preisen ze beweisen, dat d'Letzebuurger nach zuenén hâlen an déi schwéier Zäit aus dem Krich net vergiess hun. Och bei dém <u>envisagéierten Protestmarsch</u> zielen mir op Er Ennerstötzong an op Ert Matmâchen.

Iwerweist en "Obolus" op de Postscheckkonto N° 210-49 vum Fonds d'Action des Enrôlés de Force (Protestaktioun géint d'Staatsvisite vum Bundespresident dem Här HEINEMANN)
oder gitt den "Obolus" un e Comitésmember ôf,
oder mâcht en einfach an eng Enveloppe a schéckt en eis.

Mir schölden Iech haut wéi an der Vergângenhét en déiwe Merci.

De Nationalpresident,

Jos. Weirich

**Fédération des Victimes**
**du Nazisme Enrôlées de Force** a. s. b. l.

REPRÉSENTANT: L'ASSOCIATION DES PARENTS DES DÉPORTÉS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS
LA LIGUE LUXEMBOURGEOISE DES MUTILÉS ET INVALIDES DE GUERRE 1940-45 - L'AMICALE
DES ANCIENS DE TAMBOW - L'ASSOCIATION DES ENRÔLÉS DE FORCE VICTIMES DU NAZISME

Organe officiel :
**„Les Sacrifiés"**
Bulletin mensuel

Case postale No 17
**LUXEMBOURG-GARE**

Compte chèque postal No 31329

Luxembourg, le
9, rue du Fort Elisabeth

T é l é g r a m m e

adressé en date du 27 novembre 1973
à

Monsieur G.W. Heinemann, président de la République
Fédérale d'Allemagne
Palais Grand-Ducal, L u x e m b o u r g

o o o o o o o

Herausgefordert durch Entstellung historischer Tatsachen, durch Nichtanerkennen eines von Deutschen begangenen Nazi-Verbrechens und durch Weigerung Unrecht wiedergutzumachen, erheben die luxemburgischen Zwangsrekrutierten Protest gegen den bundesdeutschen Staatsbesuch im Grossherzogtum Luxemburg.
Ihrer Person unsere Hochachtung,

die "Fédération des Victimes du Nazisme Enrôlées de Force".